

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 14. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheitsminister an un de Här Justizminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg kritt een de Cannabidiol (CBD) fräi am Handel ze kafen. Am Géigesaz zum Cannabinoid *THC* soll de Cannabidiol (CBD) awer manner psychoaktiv wierken. Um Wikipedia ass de Cannabidiol als „kaum psychoaktives Cannabinoid aus dem weiblichen Hanf“ definéiert, eng psychoaktiv Wierkung gëtt also net ausgeschloss.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Gesondheitsminister an un den Här Justizminister:

1. Gëtt de Cannabidiol am Hibleck op eng méiglech psychoaktiv Wierkung zu Lëtzebuerg als eng Zort Rauschmëttel definéiert, respektiv klassifizéiert? Wa nee, wat sinn d'Grënn dofir ?
2. Wat fir Konditioune mussen erfëllt sinn, fir datt e Buttek de Cannabidiol legal verkafen däerf ?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten